

# OP DE PUNKT.

CSV SUESSEM

## DÄR HUTT ET AN DER HAND!

Déi lescht fënnef Joer hat d'CSV d'Geleeënheet d'Geschécker vun eiser Gemeng matzeleeden. Zënter de leschte Gemengewalen ass d'Nathalie MORGENTHALER 1. Schäffin an zënter Enn 2019 ass, wéi am Koalitiounsaccord festgehalen, de Mike LORANG an de Schäfferot nogeréckelt.

Mat eise Memberen an de Kommissiounen hu mär vill Projeten ëmgesat an neier op d'Schinn gesat a mär hunn ëmmer eist Bescht gi fir d'Gemeng Suessem zu enger liewenswäerter Gemeng ze maachen.

D'Covid-19 Pandemie huet awer leider an där Zäit esou munches op d'Kopp gehäit: Pausen an doduerch Verspéidunge bei Schantercher, Liwwerenkpäss, Präisdeierechten… déi mär all ze spiere kritt hunn. D'Auswierkunge vum Ukrainkrich, d'Energiekris, den Ëmwelt- a Klimaschutz, eng nohalteg Entwécklung… dat sinn alles Erausfuerderungen, deene mär eis als CSV och weider an der Zukunft wëlle stellen.

Den 11. Juni 2023 sinn déi nächst Gemengewale.

D'CSV trëtt mat enger breetgefächerter Equipe vu 17 héichmotivéierte Kandidat*innen un, déi sech mat Läif a Säil fir hir Gemeng engagéieren.

Et si 7 Fraen an 10 Männer mat ënnerschiddleche Beruffer an Interessien, aus eise véier Uertschafte vun der Gemeng, déi de Waldag een Altersduerchschnëtt vu 45 Joer hunn.

An dëser Editioun vum "Op de Punkt" kënnt Där noliese ween déi 17 Fraen a Männer sinn, déi hannert dësem Programm stinn a firwat d'CSV sech stuarkmécht an asetze wëll.

Eis Equipe trëtt a fir eng proaktiv a solidaresch Kommunalpolitik, eng stuark an handlungsfäeg Gemeng, no bei de Leit an hiren Uleiessen.
Mär wëllen eis weider asetzen, fir eis Gemeng nach méi effizient a méi biergerno ze maachen an d'Liewensqualitéit vun de Mënschen ze verbesseren.

D'CSV ass bereet fir weiderhi Verantwortung an eiser Gemeng z'iwwerhuelen, dëst aus Iwwerzeegung an Idealismus. Schenkt eis Äert Vertrauen a mär schenken Äech eise ganzen Asaz fir eis Gemeng zeréck!



**NATHALIE MORGENTHALER**
1. Schäffin & Spëtzekandidatin

**MIKE LORANG**
Schäffen & Spëtzekandidat

# ÄR EQUIPE FIR SUESSEM

## LËSCHT 4



### NATHALIE MORGENTHALER

43 Joer, Zolwer
Politologin / Direktesch CET

- 1. Schäffin
- Presidentin Schoulkommissioun
- Member SIVEC, SIKOR
- Presidentin CSV Gemeng Suessem
- Vize-Presidentin CSV Südbezierk
- Vize-Presidentin CIGL Suessem
- Vize-Presidentin Bieleser Veräinsentente
- Taskforce Eis Epicerie
- Écrivaine publique



### MIKE LORANG

48 Joer, Bieles
Aide-éducateur

- Schäffen
- Member TICE, ZARE, SES
- Vize-President CSV Gemeng Suessem
- Comité “Vélo Union Esch”



### AURÉLIE ANEN

33 Joer, Zolwer
Franséischproff / Juristin

- Member Baute-, Kultur-a Jugendkommissioun
- Vize-Presidentin CSV Gemeng Suessem
- Écrivaine publique



### GASTON ANEN

68 Joer, Zolwer
Pens. Reliounsproff

- Gemengerot
- President Ëmweltkommissioun
- Member SICONA, SIDOR, Klima-Bündnis
- Member Finanzkommissioun
- Member Naturpaktteam
- President Zolwer Veräinsentente



### ERIC BATTING

54 Joer, Bieles
Préposé technique CFL

- Member Verkéierskommissioun
- Member Bautekommissioun
- Member Klimateam



### NADJA DIELS

51 Joer, Bieles
Educatrice graduée

- Member Schoulkommissioun
- Sekretärin “Amis de la fleur”
- Vize-Presidentin ”Fanfare Hunchereng Näerzeng Fenneng“



### CORRADO FECCHI

30 Joer, Suessem
Ekonomist


- Member Jugendkommissioun
- President Suessemer Fussball (CS Suessem)



### PHILIPPE KRÖGER

21 Joer, Bieles
Student

- Member Verkéierskommissioun
- President “Lëtzebuerger Guiden a Scouten - Grand-Duc Jean Bieles-Zolwer”



CSV
SUESSEM



**ANNE LOGELIN**
38 Joer, Bieles
Mathésproff

- Gemengeréitin
- Presidentin Sportskommissioun
- Member Finanzkommissioun
- Member ORT Sud, SABA, SIVEC
- CSV Vize-Presidentin
- Comité "CAB"



**JEAN-CLAUDE MAJERUS**
58 Joer, Suessem
Employé privé

- Member Chancëgläichheets- an Diversitéitskommissioun
- President Suessemer Veräinsentente
- President a Sänger "Hot Daddies Suessem"
- Vize-President "Culture Club 2000 Suessem"
- Comité "Chorale Ste Cécile Suessem"



**NICOLAS MELMER**
36 Joer, Zolwer
Affekot

- Member Finanzkommissioun



**SÓNIA PEREIRA CANDEIAS** ÉP. WOZNIAK
45 Joer, Zolwer
Portugisesch-Léierin

- Member Integratiounskommissioun
- Presidentin "ADIE (Association de Divulgation et d'Intervention Educatives)"



**PAUL POMANTE**
64 Joer, Éilereng
Pens. Chem Ugestallten

- Member Bautekommissioun



**SANDRINE REUTER**
38 Joer, Suessem
Proff an der Pédagogie spécialisée

- Member Schoulkommissioun
- Presidentin Suessemer Musek



**FRANCA ROMEO**
64 Joer, Zolwer
Pens. Gemengebeamtin

- Gemengeréitin
- Presidentin Integratiounskommissioun
- Member Kultur-, Chancëgläichheets- an Diversitéitskommissioun
- Member Minettkompost, GECT, Sudcal, SABA, Club Senior Prënzebierg
- Sekretärin Bieleser Veräinsentente
- Comité "Amis de la fleur", Eis Epicerie, GSH
- Écrivaine publique



**TOM SCHOCKMEL**
37 Joer, Bieles
Informatiker beim Staat

- Member Jugendkommissioun
- Tresorier CSV Gemeng Suessem



**MIKE WENZEL**
44 Joer, Suessem
Formateur/Examinateur conduite CFL

- Member Kulturkommissioun
- Vize-President a Sänger "Hot Daddies Suessem"
- Vize-President Suessemer Veräinsentente

# WALPROGRAMM 2023
# E PUER VUN EISE PRIORITÉITEN ERAUSGEPICKT

## LIEWEN & ZESUMMELIEWEN

- Masterplan Bildung 2035
- Ëmwelt- a Bildungszenter Matgesfeld
- sécher Schoulweeër
- Pakt vum Zesummeliewe mat Bierger*innebedeelegung
- Centre médical, resp. ee Gesondheetshaus
- Epicerie op Rieder
- Déierekierfecht



## ENG LIEWEG GEMENG

- eppes fir all Alter ubidden
- adaptéiert Infrastrukture fir eis Veräiner
- Benevolat am Sport a Kultur ënnerstëtzen



## ËMWELT

- propper Energie
- Kreeslafwirtschaft
- ëmweltbewosst Verhalen: Greenevents, Repaircafé, Foodsharing…
- Iwwerwaachung vun den Norme vum Kaméidi an de Schuedstoffer

## MOBILITÉIT

- Zone 30 virun de Schoulen
- sécher Treppelweeër a Vëlospisten
- besser Verbindungen tëschent den Uertschaften an eiser Gemeng
- douce Mobilitéit: Vëlosstänner, Vël'OK-Statiounen, Car Pooling, digital Panneauen…
- besser Koordinatioun mat ëffentleche Verwaltungen



## ENG GEMENG FIR JIDDEREEN

- Vereinfachung vun administrativen Demarchen
- Service vum Ecrivain public bekanntmaachen
- nach méi Bierger*innebedeelegung
- Barrièrefräiheet
- Charakter vun Duerfkären erhalen
- Attraktiv Plazen/Treffpunkten (Gaalgebierg, Pavillon Source Belval…)

De ganze Walprogramm fann Där hei:

Le programme électoral en intégralité est consultable ici:

The complete election programme can be found here:

O programa eleitoral na íntegra pode ser consultado aqui:

WEBSAIT